

# Bestëbser am Wéngert

## Liewensraum schafe fir d'Wëllbeien

An deene leschte Joerzéngten ass d'Unzuel an d'Villfalt vun den Insekten drastesch erof gaange, wat ënner anerem dorunner läit, datt si ëmmer manner Bléien, Nistplazen an naturno Ecker an eiser Landschaft fannen. Als Bestëbser vu villen Uebst- a Geméisplanze an als essenzielle Bestanddeel vun eisem Ekosystem ass d'Erhale vun der Insektevilfalt immens wichteg.

Mat dësem Projet, deen integral iwwert den Nationalen Ëmweltfong finanzéiert gëtt, wëlle mir rëm méi Liewensraim a Nektarquellen fir d'Bestëbser-Insekten an d'Wéngerte kréien, an sou dem Insektestierwen an dem Réckgang vun der Biodiversitéit entgéint wierke.

Am Projet sinn verschidde Moossname fir d'Wëll-beien virgesinn:

- Kleng Nisthilfen fir un d'Eckpéil
- De Bau vu Liewenstierm
- Uleeë vun Nistplaze fir Wëllbeienaarten, déi hir Näschter am Buedem baue.

Donieft sollen och Nektar- a Pollequellen a Form vun Bléie geschaf ginn. Hei hu mir Budget fir folgend Moossname virgesinn:

- Rouse mat einfache Bléie
- Uebstbeem (Héich- an Hallewstamm)
- Bléistraicher
- Bléisträifen a Blummewise





**Wann Dir wëllt beim Projet matmaachen oder méi iwwert de Projet gewuer ginn, kënnt Dir Iech gäre bei eis melle!**

SIAS
Zesumme fir eng nohalteg Entwécklung an eiser Regioun

**Kontakt**
T: 34 94 10 - 32
E: t.dallarmellina@sias.lu
www.sias.lu